NATIERLECH CACTUS

En partenariat avec

100 joer natur&ëmwelt


Copyright: A. Arendt


Copyright: A. Arendt

# WAASSER ASS LIEWEN!


***All Joer gëtt den 22. Mäerz de Weltwaasserdag organiséiert. Dobäi soll d'Wichtegkeet vu frëschem Waasser an awer och d'nohaltegt Ëmgoe mam Waasser beschwat ginn. Fir 2020 ass d'Thema „Waasser a Klimawandel", well de Klimawandel huet, niewent villen anere Problematiken, och e groussen Afloss op d'Waasser. Weltwäit gëtt et Problemer bei der Versuergung mat propperem Waasser fir d'Mënschen, d'Déieren an d'Planzen.***

## MIR BAUEN ENG MINI-KLÄRANLAG

Wann am Gaart en Eemer mat knaschtegem Waasser ëmkippt, wat geschitt da mam Waasser? Et versickert am Buedem, leeft duerch de Sand an de Kräsi a gëtt dobäi ëmmer méi propper. Déif ënnen trëfft et op eng Schicht, déi d'Waasser net méi duerchléisst. Do sammelt et sech an Huelraim: Dëst Waasser nennt ee Grondwaasser!
Dëst Experiment weist iech, wéi d'Waasser op sengem Wee duerch de Buedem propper gëtt!

## DIR BRAUCHT:

- 4 al Blummendëppen oder 4 Plastiksbechere mat engem Lach am Buedem
- 1 grousst Glas
- Kräsi
- graffe Sand
- renge Sand
- 1 Kaffisfilter
- knaschtegt Waasser
- Spullwaasser




## A LASS!

Fëllt d'Becheren, esou wéi dir et op der Zeechnung gesitt: eng Kéier mat Kräsi, eng Kéier mat graffem Sand an eng Kéier mat rengem Sand. Stellt d'Becheren openeen a leet de Kaffisfilter an de véierte Becher. Da stellt dir déi 4 Becheren an dat grousst Glas – a fäerdeg ass är kleng Kläranlag!
Elo kënnt dir dat knaschtegt Waasser lues uewen an den éischte Becher schëdden an da beobachten, wat mam Waasser geschitt. Dono kënnt dir et och nach mat Spullwaasser probéieren.

## OPGEPASST!

Och wann d'Waasser dono propper ausgesäit, däerf et awer net gedronk ginn! Et gëtt och onsiichtbar Verschmotzungen; de Versuch mam Spullwaasser weist, dass de Spüli net am Filter hänke bleift. Dat ënnen opgefaangent Waasser gesäit zwar propper aus, mee wann een et rëselt, da schaimt et!

Zum 100-järege Gebuertsdag vun natur&ëmwelt wëlle mir Baachen, Flëss a Weieren am ganze Land op enger Längt vun 100 km propper maachen. Dir kënnt eis gäre mat ärer Famill hëllefe kommen.
Wann dir wëllt matmaachen, da kuckt op eiser Internetsäit www.naturemwelt.lu/100joer oder scannt dëse QR-Code: